

# Sanitärkonzept fir Museks- a Gesangsprouwen

Ausgeschafft an Zesummenaarbecht mat der INECC an dem Piusverband

## Museken an Instrumentalensembelen

### 1. Zougang zu de Säll:

- Fir Entrée, Sortie an Zäit wou net geprouft gött, jidderee mat Mask.
- An de Säll gött et Desinfektionsmaterial fir d'Hänn, Pulter, Still an d'Instrumenter.

### 2. Verdeelung vun de Leit esou wäit ausenee wéi de Sall et zouléisst.

- Gréisstméiglech Ausnutzung vun der disponibeler Plaz.
- Sëtzuordnung markéieren, z.b. mat Tape-Kräizer um Buedem oder fest zougedeelte Still.
- Versate Placéierung fir Plaz z'optimiséieren (hei hannendrun fann der e puer Grondprinzipien a Pläng um Beispill vun engem Chouer).

### 3. Presenzlëschte féiere bei all Prouf.

Esou kann am Fall vun enger Infektioon am Veräi gekuckt ginn, wien Kontakt hat.

### 4. Méi grouss Hygiène:

- Desinfektioon vun den Hänn vir a no der Prouf.
- Desinfektioon vun Noutepulter a Still no all Gebrauch.
- Kondenswaasser vun de Bléiser muss mat adequate Mëttel opgefaange ginn, z.B. Usträicherfliess, deen no der Prouf kann entsuert ginn.
- Regelméisseg de Buedem vum Sall an all Miwwel a Partien, déi vu ville Leit ugepaakt ginn, desinfizéieren.
- Musikante forméiere wéi se hir Instrumenter richteg botzen an desinfizéieren.

### 5. Regelméisseg lëften:

De Sall 4 - 8 Mol an enger Stonn gutt duerchlëften.

### 6. Individualiséierung vum Material:

- Partiture verdeele mat engem Minimum un Hänn déi sech dodru bedeelegen, idealerweis nëmmen den Dirigent oder den Archivar;
- Beim Spillmaterial, besonnesch Perkussioun, jiddereen seng eege Bengelen, mee och klénge Material op fest Spiller opdeelen, déi dann och fir d'Maintenance verantwortlech sinn. Keng Instrumenter a Mondstécker tauschen.

### 7. Instrumentekëschten an Etuien,

déi am Sall si während der Prouf, zoumaachen a beim Verloosse vum Sall desinfizéieren.

### 8. Alternativ nach Gebrauch vun technesche Mëttelen:

- Absorbierend Material op d'Pulter opzéien, déi fir all Prouf erneiert ginn;
- Gebrauch vun «Popkiller» fir déi Instrumenter an Aktivitéite wou e méi starke Loftstrom produzéiert gött;
- Transparent Roll-Ups fir Leit vuneneen ze trennen, spéider eventuell och de Publikum virun direkter Expositioun ze schützen.

## **9. Alternative fir feelend oder ze kléng Säll:**

bei guddem Wieder am Fräie prouwen.

### **Akkordeon- / Zupforchesteren**

sollte mat Mask prouwen, doduerch kann den Ofstand téschent de Spiller méi kleng gehale ginn. All aner Recommandatiounen zielen och fir dës Ensembelen.

Informéiert lech wéi d'Instrument kann desinfizéiert ginn, fir Schued um Instrument ze vermeiden.

### **Concerten/Prouwen am Fräien**

Laut de neie Recommandatiounen ass et méiglech e Concert am Fräien ze spille mat méi wéi 20 Leit, ënnert der Konditioun, datt déi 2 Meter Ofstand téschent de Musikanten/Sänger garantéiert ass. Persounen déi eng kulturell Aktivitéit ausféiere mussen net sëtzen. De Publikum muss nominativ reservéiert Plazen hunn an entweder eng Mask droen (bei klengem Ofstand téschent de Still) oder 2 Meter Ofstand téschent de Still loossen. All Persoun déi am Sall/Fräie circuléiert, muss eng Mask droen.

### **Generell Verhalensreegelen:**

[www.gouvernement.lu](http://www.gouvernement.lu) / [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu)

## Gesangsprouwen

### 1. Zougang zu de Säll:

- Fir Entrée, Sortie an Zäit wou net geprouft gëtt, jidderee mat Mask.
- An de Säll gëtt et Desinfektionsmëttel fir d'Hänn an d'Material.

### 2. Verdeelung vun de Leit esou wäit ausenee wéi de Sall et zouléisst.

- Gréisstméiglech Ausnutzung vun der disponibeler Plaz.
- Sëtzuordnung markéieren, z.b. mat Tape-Kräizer um Buedem oder fest zougedeelte Still.
- Versate Placéierung fir Plaz z'optimiséieren, hei hannendrun fannt Dir e puer Spillpläng.

### 3. Presenzlëschte féiere bei all Prouf.

Esou kann am Fall vun enger Infektioun am Veräi gekuckt ginn, wien Kontakt hat.

### 4. Méi grouss Hygiène:

- Desinfektioun vun den Hänn vir a no der Prouf.
- Desinfektioun vun Noutepulter Still no all Gebrauch.
- Reegelméisseg de Buedem vum Sall an all Miwwel a Partien déi vu ville Leit ugepaakt ginn, desinfizéieren.

### 5. Regelméisseg lëften:

De Sall 4 - 8 Mol an enger Stonn gutt duerchlëften.

### 6. Individualiséierung vum Material.

Partituren an nominativ Fardë verdeelen an erausginn, mat engem Minimum un Hänn déi sech dodru bedeelegen, idealerweis nëmmen den Dirigent oder Archivar.

### 7. Alternativ nach Gebrauch vun engem oder e puer vun de folgenden technesche Mëttelen:

- Noutepulter gebrauchen, esou kritt een automatesch méi grouss Distanzen, an et bléist een deem virdrun net direkt an de Réck.
- Absorbéierend Material op d'Pulter opzéie wat no all Prouf erneiert gëtt.
- Gebrauch vun «Popkiller» fir de Loftstrom ze bremsen.
- Transparent Roll-Ups fir Leit vuneneen ze trennen, spéider eventuell och de Publikum virun direkter Expositioun ze schützen.

### 8. Alternative fir feelend oder ze kléng Säll:

Froen op een d'Kierche kann notze fir Prouwen ze halen.

## Concerten/Prouwen am Fräien

Laut de neie Recommandatiounen ass et méiglech e Concert am Fräien ze spille mat méi wéi 20 Leit, ënnert der Konditioun, datt déi 2 Meter Ofstand tëschent de Musikanten/Sänger garantéiert ass. Persounen déi eng kulturell Aktivitéit ausféiere mussen net sëtzen. De Publikum muss nominativ reservéiert Plazen hunn an entweder eng Mask droen (bei klengem Ofstand tëschent de Still) oder 2 Meter Ofstand tëschent de Still loossen. All Persoun déi am Sall/Fräie circuléiert, muss eng Mask droen.

## Generell Verhalensregelen:

[www.gouvernement.lu](http://www.gouvernement.lu) / [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu)